



# MISSION SPIOUN

## Material:

en Telefon oder en Tablet fir ze telefonéieren, Faarfstëfter, Zeechepabeier, Telefonsnummer vun enger Klassekomerodin oder vun engem Klassekomerod .....

## Missioun: Spionéier d'Welt ronderëm däin Doheem aus!

1. Sich an denger Wunneng déi Fënster eraus vun där aus du déi beschte Vue op dobaussen hues a gutt spionéiere kanns.
2. Ruff denger Klassekomerodin oder dengem Klassekomerod un.
3. Beobacht genau, wat s du gesäis.
4. Diktéier denger Klassekomerodin oder dengem Klassekomerod wat s du dobausse gesäis. Fir et e Krack méi spannend ze maachen, diktéier fir d'éischt op Lëtzebuergesch, duerno weider op Franséisch a fir ofzeschléissen op Däitsch! Hien/hatt soll dat, wat s du diktéiers, zeechnen.

Zum Beispill:

- *Ech gesinn zwee Beem, eng Heck a virdrun een Trottoir. Vis-à-vis steet e gielt Haus. Eng Foussgängerin mat enger gieler Mask an engem Puddel un der Léngt (ouni Mask) geet iwwert den Trottoir no lénks.*
- *La maison jaune a deux étages et une grande toiture noire. Au rez-de-chaussée elle a deux fenêtres et une porte. Au premier étage elle a quatre fenêtres.*
- *An das gelbe Haus ist auf der linken Seite ein blaues Haus angebaut; das blaue Haus hat drei Stockwerke...*



**Tipp: diktéier net ze schnell, fir datt den Zeechner nokënnt!**

5. Wiesselt iech duerno of: deng Komerodin oder däi Komerod diktéiert, wat hatt oder hien aus senger Fënster gesäit, fir d'éischt op Lëtzebuergesch, duerno op Franséisch a schlussendlech op Däitsch. Du zeechens wat s du diktéiert kriss!
6. Wann dir fäerdeg sidd, dann dro denger Komerodin oder dengem Komerod däi Bild an d'Bréifkëscht! Loosst eis emol kucke, wat hatt oder hien dovunner hält!



## Expertefro:

Däerf een u sengem Haus eng Kamera installéieren, fir ronderëm ze filmen?



Arnaud Hanon, Visualis

**Antwort op d'Expertefro:**  
 Et däerf een eng Kamera u sengem Haus installéieren, mä et muss een en puer Konditione respektéieren. Wann d'Kamera och Deeler vun öffentleche Raum oder vun anere private Grundstécker filmt, da muss een am Virus bei der nationaler Kommission fir den Datschutz eng Geneemegung uftoen (CNDP: Commission nationale pour la protection des données). Wann een d'Erlabnis kritt seng Kamera ze installéieren, da muss een e Schëld opstellen, dat d'Leit op d'Kamera hieweist.  
 Quell: <https://paperjam.lu/article/news-cameras-cameras-de-surveillance-et-protection-du-domicile>

